N°2093
Entrée le 11.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister Eric Thill op d'parlamentaresch Fro n° 2093 vum 14. Mäerz 2025 vun der Honorabeler Deputéiert Nathalie Morgenthaler**

Op de 6. Mäerz 2025 ass e Gesamtmontant vun 83.464,54 € gesammelt ginn. Et kann awer sinn, datt nach weider Donen erakomme wäerten. 464 Donateure sinn op dee Moment gezielt ginn: 443 Done komme vu Privatpersounen (58.159,54 €), 21 vu Firmen, Associatiounen a Gemengen (25.305 €).

De Crowdfunding vum Nationalmusée, zesumme mam Focuna, fir de Kaf vum Bild „Champion" vum Joseph Kutter huet mat 559 Donen 106.268,28 EUR erabruecht. Eng genau Analys iwwert déi Crowdfunding-Campagnë wäert de Fonds culturel national zesumme mam MNAHA an der BnL am Laf vum Joer publizéieren.

Wéi bei der Crowdfunding-Campagne vun Ufank u vun der BnL ugekënnegt an däitlech gemaach, ginn d'Sue souwuel an d'Conservatiounsmoossname wéi och an d'Recherche investéiert, fir engersäits dat besonnescht Dokument och op anere Plaze wéi an der BnL kënnen ënnert de konservatoresch a sécherheetstechnesch néidegen Ufuerderungen ze weisen, an anerersäits nei Recherchen, déi net vun der BnL selwer kënnen assuréiert ginn, an Optrag ze ginn. D'Campagne hat doriwwer eraus och déi weider Funktioun, fir de Patrimoine ze sensibiliséieren an d'Gesellschaft zu Lëtzebuerg z'informéieren iwwert de Kaf vum mëttelalterleche Manuskript aus der Schoul vum Skriptorium vun Iechternach, an iwwert d'Geschicht vun deem exceptionellen Dokument. Doduerch soll och an opklärerescher Hisiicht d'Bewosstsi fir d'Memoire an de Patrimoine geschäerft ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2025

De Kulturminister

(s.) Eric Thill